**Evangelium vum 14. Sonndeg C**
**Lk 10, 1-9 (Kuerzfaasung)**

## KONTEXT

Mer erënneren eis : de Jesus ass um Wee erop op Jerusalem (vu Lk 9, 51 un) an am Evangelium vum leschte Sonndeg (Lk 9, 51ff) kruten d'Jünger en Intensiv-Cours iwwert d'Nofolleg. Am Evangelium vun dësem Sonndeg kréien si eng Beschreiwung vun deem, wat d'Verkënnegung bedeit. Duerch dës Beschreiwung schéngt d'Situatioun vun dier éischter chrëschtlecher Missioun an hire Schrieregkeeten däitlech duerch.

## TEXT

**Den Här huet 72 aner Jünger bestëmmt an ... (V. 1) :**

A Lk 9, 1-6 goufen déi 12 erausgeschéckt nodeems si d'Spillregele fir ënnerwee gesot kritt haten. Hei elo sinn et **72 anerer** ( !), déi erausgeschéckt ginn (wuertwiertlech 'viru sengem Gesiicht', cf. d'Ev. vum leschte Sonndeg). – A Gen 10 gëtt gesot, et géif (dem hebräeschen Text no) 70 oder (dem griicheschen Text no) 72 verschidden Heedevëllker. D.h. d'Perspektiv fir wien d'Missioun geduecht ass, ass also vill méi breetgefächert wéi a Lk 9, 1ff ; tselweescht ginn d'Spillregelen och méi ausféierlech ëmschriwwen. Eigentlech gëtt hei d'Verkënnegung an d'A gefaast, déi haut nach undauert. – Den Text fängt u mat '**den Här'**, der Uried fir deen Operstanenen (Heefeg am Tome 2 vum Lukas sengem Wierk, der Apg). – Typesch an e Spiggel fir d'urchrëschtlech Missioun ass, datt déi 72 a **Stied an Uertschafte** geschéckt ginn ,net awer an Dierfer, well déi éischt Missionéirung effektiv an de Stied gemaach gouf an net um Land. Dat selweescht gëlt och fir d'Zesummeschaffen **zwéin an zwéin** (cf. och Mk 6, 7).

**Hie sot zu hinnen : « D'Rekolt ass ... (V. 2) :**

Hei an der **grousser Rekolt** an an de wéinegen **Aarbechter** spiggelt sech och erëm d'Situatioun vum Lk senge Chrëschten erëm. – Am A.T. gouf d'Geriicht gäre mat Biller ëmt d'Rekolt beschriwwen (cf. Jl 4, 13 ; Jes 33, 11 ; 41, 15f ; Jer 13, 24 ; 51, 2.33 ; Am 9, 9) ; de Johannes den Deefer huet dës Rekolt an de Kompetenzberäich vun deem méi Stoarke gesat (cf. Lk 3, 16f), d.h. am Jesus säi Beräich. Dee bënnt elo hei an dier Ried seng Leit mat an déi Rekolt an. D.h. och datt mat der Verkënnegung, am Opdrag vun deem Operstanenen, iwwert d'Grenze vun Israel eraus fir de Lk d'Endzäit ugefaangen huet. Mat dësem Saz ass de lukanesche Chrëschten hir Missioun grad ewéi och hir Visioun definéiert, nämlech Mataarbechter ze sinn an der endzäitlecher Rekolt.

**Gitt ! Kuckt, ... (Vv. 3-9) :**

An deenen näächste Vv. liese mer d'Consignë fir d'Wandermissionaren, wann se da gutt ëmfaange ginn a wann se net sech verkënnegen, mee mat an der Rekolt

hëllefen = dem Evangelium de Wee virbereeden (wéi séngerzäit de Johannes den Deefer) :
**V. 3a** : si hunn sech sécher dacks wéi d'Schof ënnert de Wëllef gefillt, d.h. si sinn net iwwerall gutt opgeholl ginn a Gewaltlousegkeet huet déi Zäit nach zum Program gehéiert (z.B. huet en Zaldot, oder en Henker d'éischt missen de Beruff wiesselen, éier hie konnt Chrëscht ginn) ;
**V. 4** : wéi e roude Fuedem geet et duerch d'A.T. an d'N.T., datt, wat déi ierdesch, mënschlech Moyenë méi kleng sinn, wat dem Herrgott säin Erfolleg duerch seng Hëllef (biblesch : seng Herrlechkeet, seng Gréisst) méi däitlech gëtt. – A Mk 6, 8 däerfen déi 12 nach Sandalen undinn, hei déi 72 net méi ! Déi laang orientalesch Begréissungen sollen si och op der Säit loossen. D.h. d'Astellung (wéi ëmmer an den Evangelien an net, ier ee wierklech Sandalen unhuet oder net) an d'Bewosstsinn, datt si net vill Zäit hunn (déi éischt Chrëschte waren iwwerzeegt, d'Enn vun der Zäit stéing virun der Dier) sinn et, wourop et ukënnt.
**Vv. 5-7** : de Lk, am Géigesaz zu Mt 10, 11ff, ënnerscheed tëscht dem Haus (Vv. 5-7) an der Stad (Vv. 8-11). – Wann d'Missionaren an en Haus eraginn, da verkënnegen si direkt en Deel vum Evangelium, nämlech de Fridden, de Shalom (wat jo méi ass, wéi nëmme kee Sträit) ; de Fridde wënschen, wann een deemools am Orient an en Haus eragaangen ass, war wuël ubruecht, ma huet fir d'Chrëschten awer eng aner Bedeitung kritt als en Deel vum messianeschen Zäitalter = vun der Endzäit (cf. Lk 1, 79 ; 2, 14.29 ; 7, 50 ; 8, 48 ; 10, 5f ; 11, 21 ; 19, 38.42 ; 24, 36 ; cf. och Jes 9, 5ff ; Mi 5, 4). De Loun steet dem Aarbechter zou, wéi och de Paulus seet obschonns hie selwer net dervu profitéiert (Cf. 1Kor 9, 14ff ; 2Kor 11, 7ff ; 1Tim 5, 18). – An dem **V. 7** klëngen awer Mëssstänn duerch, déi och aus Bréiwer vun den ale Kierchepäpp a fréi-chrëschtleche Schreiwësse bekannt sinn : d'Missionaren sinn esou virgaangen, datt si um Moart oder um Forum (wou déi fräi Männer sech getraff hu fir ze diskutéieren an d'Neiegkeeten ze héieren) hire Message verkënnegt hunn (wéi de Paulus z. B. um Areopag) ; wann een sech interesséiert huet, da gouf dacks de Philisooph, oder hei eise Wanderpriedeger Heem agelueden, wou dann déi ganz Famill, dacks mat de Sklaven (= 'd'Haus') nogelauschtert huet. Elo gouf et awer Fäll, wou bei den Noperen, déi sech duerno och interesséiert hunn besser gekacht gouf oder d'Haus méi luxuriéis war, an d'Missionaren da bei den Noper geplënnert sinn – wat natierlech en extrem schlecht Bild ginn huet a fir den Ufank vun enger Chrëschte-Gemeinschaft déidlech si konnt. Et ass och aus dëser Taktik vun de Wanderpriedeger eraus, datt déi éischt Chrëschte-Gemeinschaften 'Kierch/Gemeinschaft, déi Haus fir Haus entsteet' (hä kat'oikon ekkläsia) genannt gouf (Réim 16, 5 ; 1Kor 16, 19 ; Kol 4, 15 ; Phlm 2).
**Vv. 8-9** : Hei gräift de Lk een Aspekt vun dem Jesus senger Verkënnegung op (cf. Lk 4, 16ff) als en Deel vum Opdrag vun de Missionaren als Zeechen, datt do, op dier Plaz dann, dem Herrgott säi Räich schonn amgaang ass ze ginn, amgaang ass ze kommen. – An de Vv. 10-12 geet et dann ëmt d'Ofleenung, illustréiert mat dem Beispill vu Sodom, well d'Wanderprideger hu jo och net iwwerall Gehéier fonnt.

(Fränz Biver-Pettinger)